

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 19. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un Här Minister fir d'Education, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

„Lëtzebuerger Studente maachen deelweis hir Ausbildung fir den Enseignantsberuff am Ausland. Verschiddener trieden nom Ofschloss net direkt an de Lëtzebuerger Enseignement an, mee sammelen als éischt Beruffserfarung als Enseignant am Ausland. Wa si no e puer Joer op Lëtzebuerg zeréckkommen, fir hei am Enseignement fondamental ze schaffen, stellt sech d'Fro, wéi dës Beruffserfarung am Ausland bei hirem Beruffsweg zu Lëtzebuerg berücksichtegt gëtt.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir d'Education, Kanner a Jugend folgend Froe stellen:

- 1. Mussen Enseignanten, déi hir Ausbildung am Ausland, beispillsweis an der Schwäiz, ofgeschloss hunn an do schonn no hirem Studium als Enseignant geschafft hunn, bei engem Retour op Lëtzebuerg de reguläre Concours bestoen an de Stage als Fonctionnaire absolvéieren? A wéi engem Mooss gëtt hir Beruffserfarung beim Zougang zum Lëtzebuerger Enseignement berücksichtegt?*
- 2. Ënner wéi enge Konditiounen kann déi am Ausland gesammelt Beruffserfarung zu enger Reduktioun vum Stage féieren, a wéi gëtt dës Reduktioun konkret berechent? Wéi eng Noweiser mussen déi betrafte Persounen dofir virleeën?*
- 3. Wéi gëtt eng Reduktioun opgrond vun der Beruffserfarung behandelt, wann déi betrafte Persoun schonn duerch Stagen am Kader vun hirer Initialausbildung Usproch op eng Reduktioun huet? Kënnen déi zwou Forme vun Unerkennung mateneen kombinéiert ginn, oder bleift an alle Fäll eng Mindestdauer vum Stage bestoen?*
- 4. Wéi gëtt déi am Ausland gesammelt Beruffserfarung nom Stage zu Lëtzebuerg bei der Festleeung vun der Anciennetéit an der Remuneration unerkant? Gëtt déi ganz Dauer vun der relevanter Beruffserfarung ugerechent?*
- 5. Gëtt et bei der Unerkennung vun der Beruffserfarung Ënnerscheeder jee no Land, Schoulssystem oder Statut, an deem déi betrafte Persoun geschafft huet, notamment tëscht engem EU-Memberstaat an engem Drëttstaat?*

6. *Wéi eng konkret Demarchë müssen déi betrafte Persounen maachen, fir hir Beruffserfarung fir d'Reduktioun vum Stage respektiv fir hir Anciennetéit a Remuneration unerkennen ze loossen, a wéi eng Fristen an Dokumenter sinn dobäi ze respektéieren?“*

Mat déiwem Respekt,



Corinne CAHEN
Deputéiert



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4642 vun der honorabeler Deputéierte Corinne Cahen

- 1. Mussen Enseignanten, déi hir Ausbildung am Ausland, beispillsweis an der Schwäiz, ofgeschloss hunn an do schonn no hirem Studium als Enseignant geschafft hunn, bei engem Retour op Lëtzebuerg de reguläre Concours bestoen an de Stage als Fonctionnaire absolvéieren? A wéi engem Mooss gëtt hir Beruffserfarung beim Zougang zum Lëtzebuerger Enseignement berücksichtegt?**

Den Accès zum Enseignantsberuff ënnert dem Statut vum Fonctionnaire ass zu Lëtzebuerg fir de Fondamental exklusiv iwwert de Wee vun engem Examen-Concours gereegelt. Deemno mussen sech och Enseignanten, déi hir Ausbildung am Ausland ofgeschloss hunn an do schonn no hirem Studium als Enseignant geschafft hunn, fir ënnert dem Statut vum Lëtzebuerger Staatsbeamten enseigner ze kënnen, dem Examen-Concours stellen an de Stage als Fonctionnaire absolvéieren. Gesammelt Beruffserfarung huet beim Zougang zum Stage keen Impakt.

- 2. Ënner wéi enge Konditiounen kann déi am Ausland gesammelt Beruffserfarung zu enger Reduktioun vum Stage féieren, a wéi gëtt dës Reduktioun konkret berechent? Wéi eng Noweiser mussen déi betraffe Persounen dofir virleeën?**
- 3. Wéi gëtt eng Reduktioun opgrond vun der Beruffserfarung behandelt, wann déi betraffe Persoun schonn duerch Stagen am Kader vun hirer Initialausbildung Usproch op eng Reduktioun huet? Kënnen déi zwou Forme vun Unerkennung mateneen kombinéiert ginn, oder bleift an alle Fäll eng Minstdauer vum Stage bestoen?**

Beruffserfarung ka bei engem Stagiaire, dee mat enger voller Tâche agestellt gëtt, konform zum Artikel 63 aus dem ofgeännerte Gesetz vum 30. Juli 2015 "*portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale*" folgendermoossen ugerechent ginn:

- Wann de Stagiaire mindestens 16 Woche Stage a senger Initialausbildung hat, da gëtt d'Stagedauer vun zwee op ee Joer reduzéiert an, dës konform zum Paragraphe (3bis) vum concernéierten Artikel.
- Wann de Stagiaire a senger Initialausbildung keng 16 Woche Stage hat, da kann hien sur Base vun der am Ausland als Enseignant geleeschten Aarbechtszäit eng Reduktioun vun der Stagedauer ufroen, dës konform zum Paragraphe (2) vum concernéierten Artikel.

D'Dauer vum Stage kann esou bei voller Tâche vun der Reegeldauer vun zwee Joer op ee Minimum vun engem Joer reduzéiert ginn.

4. **Wéi gëtt déi am Ausland gesammelt Beruffserfarung nom Stage zu Lëtzebuerg bei der Festleeung vun der Anciennetéit an der Remuneratioun unerkannt? Gëtt déi ganz Dauer vun der relevanter Beruffserfarung ugerechent?**
5. **Gëtt et bei der Unerkennung vun der Beruffserfarung Ënnerscheeder jee no Land, Schoulsystem oder Statut, an deem déi betraffe Persoun geschafft huet, notament tëscht engem EU-Memberstaat an engem Drëttstaat?**

Bei der Unerkennung vun der Beruffserfarung nom Stage gëtt weder en Ënnerscheid gemaach, wou, nach wéi dës Erfahrung gesammelt gouf. Den Artikel 5 aus dem Gehältergesetz gesäit Follgendes vir: *“Lorsque le fonctionnaire obtient une nomination définitive au grade de début de son sous-groupe de traitement ou à un autre grade [...], les périodes de travail passées à tâche complète ou partielle avant cette nomination lui sont bonifiées pour la totalité du temps pour le calcul de son traitement initial”*. Dës Periode mussen natierlech attestéiert kënne ginn. De Maximum, deem esou kann erreecht ginn, ass de leschten Echelon vum Ufanksgrad.

6. **Wéi eng konkret Demarchë müssen déi betraffe Persounen maachen, fir hir Beruffserfarung fir d'Reduktioun vum Stage respektiv fir hir Anciennetéit a Remuneratioun unerkennen ze loossen, a wéi eng Fristen an Dokumenter sinn dobäi ze respektéieren?**

Fir eng Reduktioun vum Stage unzefroen, kritt all Stagiaire vum IFEN ee Link geschéckt, wou online ausgefëllt muss ginn. D'Urechne vun der Beruffserfarung gëtt vum Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) gemaach. Eng spezifesch Demarche fir den nei genannte Beamte gëtt et net. Natierlech muss de CGPO respektiv den Educatiounsministère an/oder den IFEN an de Besëtz vun Attestatiounen aus dem Ausland kommen.

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH